



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 8323 vum 18. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

1. Wéi reagéiert d'Ministesch op d'Resultater vun der EEA?

Virop e puer Informatiounen iwwert déi vum honorabelen Députéierten ugeschwate Substanz Bisphénol A an Perturbateur endocrinien:

An all de Länner ass d'Expositioun zum Bisphénol A (een perturbateur endocrinien) héich. Déi europäesch Agence fir Liewensméttelsécherheet (EFSA) huet am Abrëll 2023 eng nei TDI (tolerable daily intake) proposéiert an d'Echantillons'en aus der Etude vun der europäescher Ëmwelt Agence (EEA) leien alleguer do driwwer. Iwwert eng europawäit Unerkennung vun dëser TDI gëtt aktuell nach diskutéiert. Et muss een awer soen dass et ganz schwiereg ass e Grenzwert fir d'Expositioun vun engem perturbateur endocrinien festzesetzen.

Et ass esou dass d'Relatioun tëschent Dosis a Wierkung net ëmmer linéaire ass bei den perturbateurs endocriiniens an d'Latenzperiode tëschent Expositioun an dem Effekt op d'Gesondheet kann laang sinn.

Et kënnt dobäi dass kleng Kanner a schwanger Fraen (Konzept vun les 1.000 premier jours, wou d'periode de gestation dobäi gehéiert) speziell vulnérabel sinn wat d'Expositioun vu perturbateurs endocriiniens ugeet.

Et ass allgemeng schwiereg fir eng korrekt valabel Limite d'Exposition fir eng Substanz festzesetzen an et muss een och a Betruecht zéien dass d'Populatioun konstant engem Cocktail vu Substanzen ausgesat ass an dass et dozou wéineg toxikologesch Étuden ginn .

Et ass also am Allgemenge gewollt, och vun der WHO (Environmental health task force an der EEA), dass chemesch Substanzen déi um Marché sinn, sollen „save by design“ sinn an dass Substanzen déi potentiell een Impakt op d'Gesondheet kënnen hunn, sënnvoll sollen substituéiert / ersat ginn.

Och wann et schwiereg ass konkret Limite festzeleeën, ass et wichteg des Expositiounen ze iwwerwaachen. Gemäss dem Principe de Précaution ass et wünschenswert d'Expositioun zu esou Substanzen esou niddereg wéi méiglech ze halen.

2. Wat wäert gemaach ginn, fir d'Expositioun vun de Leit ze reduzéieren?

D'Alimentatioun ass eng vun den Haaptexpositiounsquellen. D'Gesondheitsdirektioun schafft intensiv un engem allgemengen Aktiounsplang zur Ëmweltgesondheet. An deem Kader ass och eng Sensibilisatiounsstrategie ugeduecht fir d'Populatioun besser ze informéieren wéi een zum Beispill Substanzen wéi de Bisphénol A an senger Ernährung optimal évitéiere kann.

E Fokus soll och op schwanger Fraen a ganz kleng Kanner gesat ginn, fir déi vulnerabelst Populatioun ze schützen. Während der Schwangerschaft an an den éischten 2 Liewensjoeren soll d'Expositioun zu potentiell schiedleche Substanzen esou niddereg wéi méiglech gehale ginn fir d'Gesondheet vum Kand ze schützen.



Et ass och virgesinn fir weider Biomonitoring Etuden zu Lëtzebuerg ze maachen, dëst fir nach e besseren Iwwerbléck ze kréien wéi engen potentiell gesondheetsschiedlechen chemeschen Substanzen d'Populatioun ausgesat ass.

3. Wat fir Schrëtt hat d'Regierung no de Resultater vum LIH vum Juli 2022 geholl?

Wat si bis ewell ëmgesate Mesuren?

Et ass wichteg dass Lëtzebuerg bei den europäesche Projeten matmécht, wéi beim HBM4EU wou déi zitéiert Etude dran abegraff war. Dëst erlaabt eis en Iwwerbléck iwwert d'Expositioun vun der Populatioun zu verschidde chemesche Substanzen ze kréien an eventuell dëst mat anere Länner ze vergläichen.

Lëtzebuerg ass och beim „follow up“ Projet vum HBM4EU an dem PARC Projet mat dobäi, wou ënnert anerem eng Etude mat 300 Kanner wäert gemaach ginn.

An der Gesondheitsdirektioun ass en onofhängege Service santé environnementale gegrënnt ginn, den d'Ausschaffen an d'Realisatioun vum éischte plan national santé environnementale géréiert.

Wat d'Expositioun vun de Kanner an der Schoul an an de Crèchen ugeet, sou sinn zum Beispill 2 Projeten um Lafen:

- Eng Gesond Loft fir d'Kanner an der Schoul, wou d'Banneloftqualitéit a Schoulgebaier analyséiert gëtt
- E gesond Ëmfeld fir déi kleng Kanner an der Crèche, wou et dorëms geet zesumme mat de Professionellen um Terrain Expositiounsquellen ze detektéieren a Léisungen ze proposéieren wéi een d'Expositioun vun de kleng Kanner kann limitéieren.

D'Resultater vun dësen 2 Projeten wäerten genotzt gi fir speziell Guide auszeschaffen fir déi responsabel Leit ze sensibiliséieren, ze informéieren and ze beroden.

Gesäit ee schonn éischt Resultater?

Éischt Resultater leie vir; et schielen sech dobäi Tendenzen eraus. Soubal d'Gesondheitsdirektioun déi éischt Campagne ofgeschloss huet, wäerten dës Resultater dann och der Ëffentlechkeet zougänglech gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert